ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 18. Januar 2022

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Energieminister weiderzeleeden.

An der Äntwert op eis parlamentaresch Fro Nummer 5342 vum 3. Dezember 2021 iwwert d'Lagerung vun Äerdgasreserven op nationalem Terrain schreift den Här Energieminister, datt mir eis Reserven am Ausland musse lageren, well mir zu Lëtzebuerg net iwwert adequat „*geologesch Strukturen*" fir ënnerierdesch Reservoire verfügen. Aus dem Ausland wësse mir awer, datt et och méiglech ass, Äerdgas a begrenzte Quantitéiten iwwerierdesch ze lageren, ënner anerem fir kuerzfristeg Schwankungen auszegläichen.

An deem Sënn géife mir dem Här Energieminister nach gär dës Nofroe stellen:

1) Gouf dës Méiglechkeet och fir Lëtzebuerg gepréift? Ëm wéi eng Lokalitéiten handelt et sech hei a wéi eng Conclusioune goufen zeréckbehalen?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten

Fred Keup
Deputéierten